Gemengewalen vum 8 Oktober 2017
Aschreiwung vun den auslänneschen Matbierger op d'Wielerlëschten

De Cefis hëlt un der Campagne deel fir déi auslännesch Matbierger ze sensibiliséieren sech op de Wallëschten fir d'Gemengewalen 2017 anzedroen.
Am Kader vun dëser Campagne organiséiert de Cefis eng « Formatioun fir Multiplikateuren ». D'Formatioun adresséiert sech u Léit déi gewëllt sinn aner Léit ze sensibiliséieren fir sech op d'Wielerlëschten anzeschreiwen.

Sënn an Zweck vun der Formatioun
D'auslännesch Matbierger hunn ënnert verschiddene Konditioune d'Recht sech op d'Wielerlëschten anzeschreiwen fir d'Walrecht bei de Gemengewalen am Oktober 2017.

Wat ass ee Multiplikateur ?
Ee Multiplikateur ass eng Referenzpersoun a senger Communautéit, a senger Institutioun, vis-à-vis vun sengem Bekanntekrees. Hien ass d'Bindeglidd tëscht senger respektiver Communautéit an der Lëtzebuerger Gesellschaft. Hien ass am direkte Kontakt mat de Leit a weess Bescheed iwwer aktuell sozial a politesch Erausfuerderungen an kennt sech och am Lëtzebuerger Walsystem aus.
Ee Multiplikaeur leed d'Informatiounen iwwert d'Gemengenwalrecht am Kader vun Informatiounsveranstaltungen, vun Diskussiounen mat der Famill an am Bekanntekrees weider.

Objektiver
D'Zil vun der Formatioun ass et de Leit déi drun deelhuelen verschidde Kompetenzen mat op de Wee ze ginn :

- Bescheed ze wëssen iwwert déi gesetzlech Bedéngungen fir sech op d'Wielerlëschten fir d'Gemengewalen anzedroen
- Gemengekompetenzen ze kënnen an déi wichtegst dorënner fir d'Zilgrupp ze identifizéieren
- Iwwerzeegungsaarbecht bei der Zilgrupp leeschten, fir dat dës Léit sech op d'Gemengewallëschten androen

Praktesch Informatiounen
D'Formatiounen fänken am Oktober 2016 un a gi bis Abrëll 2017 ofgehalen. All Formatioun dauert 2 mol 3 Stonnen a maximal 15 Léit kënnen un enger Formatioun deelhuelen.